Um richtege Mënsch léieren

Praktesch Ausbildung mat Simulatiounspatienten

Am Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) gi Schüler fir d'Gesondheetsberuffer ausgebilt. Nieft den theoretesche Coursë ginn hei och éischt praktesch Schrëtt mat Übungspoppe geléiert. Fir de Schüler den Iwwergang zum konkrete Kontakt mam Patient ze vereinfachen, leeft schonn am drëtte Joer de Projet vun der „Simulatioun an der Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer", LTPSim.

An dësem Projet geet et drëm, d'Infirmier- an Aide-soignant-Schüler besser op d'Praxis am Beruffsalldag virzebereeden, andeem si a verschidde simuléiert Situatioune versat ginn, déi d'Realitéit esou gutt wéi méiglech zréckspigelen. Dëst betrëfft déi fleegeresch Akten an d'Aarbechtsëmfeld, virun allem awer och déi méiglech Reaktioune vun de Patienten. Dacks ass de Professionnelle mat der Angscht, der Aggressivitéit oder der Trauer vun engem Patient konfrontéiert a muss dës Gefiller interpretéieren an op si reagéieren. Fir esou Szenarien ass d'Aarbecht mat Simulatiounspatienten enorm wichteg.

D'Schüler hunn also d'Geleeënheet, dat an- an ëmzesetzen, wat si an der Theorie geléiert hunn, mee si kënnen dat an engem gesécherten Ëmfeld maachen, an deem „Feeler" erlaabt sinn. Dat, wat während der Simulati-

oun geschitt, gëtt an engem Nogespréich (Debriefing) opgeschafft. Hei kann de Simulatiounspatient matdeelen, wéi en sech gefillt huet a wéi d'Kommunikatioun an d'Reaktioun vum Schüler war. D'Schüler maachen dobäi wichteg Erfarungen, wat spéider e méi sécheren Ëmgang mam richtege Patient erméiglecht.

Opruff fir nei Acteuren!

Fir dës Simulatiounen esou realistesch wéi méiglech ze gestalten, ass den LTPS op Leit ugewisen, déi d'Roll vum Patient iwwerhuelen. Aus dësem Grond hat de Lycée zesumme mam RBS am September 2016 en éischten Opruff gemaach, fir interesséiert Leit unzeschwätzen. Doropshin konnt en Team vun iwwer 15 engagéierten Acteuren zesummegestallt ginn, déi all eng Ausbildung vun 12 Stonne vun enger Theater-Pädagogin kritt hunn.

D'Ambiance an dësem Team ass immens flott an d'Acteure konnten am Schouljoer 2016-17 hir éischt duerchaus positiv Erfarungen als Simulatiounspatient sammelen. Den Uklang bei de Schüler ass och grouss. Si soen, dass si duerch dës Szenarië vill léieren a si begeeschtert vun der „Realitéit" vun de Situatiounen.

Mir maache mat!

Nelly Winandy

Eng Frënndin hat mech op dëse Projet opmierksam gemaach! Well mir allen zwee Theater spillen an och 40 Joer am Beruff geschafft hunn, hu mir eis gemelt fir do matzemaachen.

D'Formatioun war scho super an d'Simulatiounen, déi ech bis elo hat, ware ganz interessant an hu vill Spaass gemaach!

Ech denken, dass dat e flotte Projet ass a gleewen, dass deen de Schüler ganz vill bréngt! Weider esou!

Alwine Dichter

Als ich von diesem Projekt erfuhr, war ich sofort davon begeistert. Zum einen, weil es zeitgleich mit meinem Renteneintritt zusammenfiel und ich damit auch eine kleine Aufgabe hatte, die mir Spaß machte und mich auch ein wenig herausforderte. Zum anderen, finde ich, ist die Simulation für die Schüler eine gute Gelegenheit, die Realität zu proben.

Nach einem Jahr Praxis kann ich sagen, dass die Simulation bei den Schülern, nach anfänglicher Scheu, auch sehr gut angekommen ist.

Armand Stracks

Als Acteur wëll ech de Schüler hëllefen, eng improviséiert Situatioun méiglechst realistesch ze erliewen an dobäi hir Spontaneitéit a Professionalitéit ënner Beweis ze stellen.

Well an de Simulatiounen deen een oder anere Feeler erlaabt ass, hunn déi Jonk och d'Méiglechkeet, aus dëse Feeler ze léieren.

D'Réckmeldunge vun de Schüler si ganz positiv. Si hunn all gesot, datt esou Situatiounen hinne vill bréngen an datt si dës Erfarunge wäerte mathuelen an hir Stagen an hiert spéidert Beruffsliewen!

Josée Thilmany

Wann eng Infirmièresschülerin no enger Simulatioun zu mir seet: „Merci, duerch lech sinn ech mir bewosst ginn, wéi ech op Patiente wierken an dat hëlleft mir immens a menger weiderer Entwécklung", da fannen ech dat super an denken, dass d'Simulatioun dozou bäidréit, eist Fleegepersonal virun allem op emotionaler Basis ze stäerken.

Fir mech bedeit et awer och vill Freed, Spaass a Laachen an enger flotter Ambiance mat léiwe Kolleegen an engem gudden Encadrement.

D'Schüler léiere vill duerch dës Szenarien a si begeeschtert vun der „Realitéit" vun de Situatiounen

D'Simulatioun gëtt elo verstäerkt an d'Programmer integréiert a wäert ëmmer méi Wichtegkeet an den Ausbildunge kréien. Dat bréngt awer mat sech, dass d'Team vun den Acteuren nach vergréissert muss ginn. Dofir mécht den LTPS e weideren Appel un interesséiert Leit a bitt no Ouschteren eng zweet Formatioun zum Simulatiounspatient un. /

Roland Muller, LTPS

LTPS, rue Barblé, Luxembourg

Centre de Formation, Warken

Formatioun zum Simulatiounspatient

D'Zil vun dëser Formatioun ass, Laien zu Simulatiounspatienten auszebilden. Si ënnerstëtzen domat aktiv d'Ausbildung zu de Gesondheetsberuffer hei am Land.

D'Formatioun ass natierlech gratis an et si keng Virkenntnisser néideg. D'Participantë sollen awer Spaass un der Schauspillerei an Interessi fir Krankheetsbiller hunn. Ausser bequeme Kleeder an engem Bloc a Bic brauch een näischt matzebréngen.

Et ass wichteg ze soen, datt keen invasive Soin un de Participantë gemaach gëtt an si sech och net mussen ausdoen.

An enger Informatiounsversammlung gëtt de Projet detailléiert virgestallt. D'Interessente maachen duerno véier Coursen à dräi Stonnen zu den Theme Gruppendynamik, Schauspilltechnik, Krankheeten a Symptomer, a Feedback als „Patient".

Datumer

Informatiounsversammlung:
Méindeg, 26. Mäerz, 16h00,
LTPS, 27, rue Barblé, L-1210 Luxembourg

1. Cours: Samsdeg, 21. Abrëll, 9h00 – 12h00, LTPS, 27, rue Barblé, L-1210 Luxembourg

2. Cours: Samsdeg, 12. Mee, 9h00 – 12h00, LTPS, 27, rue Barblé, L-1210 Luxembourg

3. Cours: Samsdeg, 2. Juni, 9h00 – 12h00, LTPS, 27, rue Barblé, L-1210 Luxembourg

4. Cours: Samsdeg, 9. Juni, 9h00 – 12h00, Centre de Formation, 79, rue de Welscheid, L-9090 Warken

Fir Umeldung oder weider Informatiounen

Roland Muller, responsablen Enseignant vum LTPSim, roland.muller@education.lu

Laura Piron, RBS-Seniorenakademie, Tel.: 36 04 78 -21, piron@rbs.lu